N°3081
Entrée le 10.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3081 vum 21. Oktober 2025 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet «Remboursement du congé politique»

1. Besteet d'Méiglechkeet beim Inneministère, dass een den aktuelle System ofännert, esou dass Patronen a Selbststänneger de Remboursement vum Congé politique trimestriell oder monatlech kéinten ufroen?

Aktuell gesäit dat groussherzoglecht Reglement iwwert de Congé politique vir, dass de Remboursement respektiv d'Indemnisatioun vun de Congé politique-Stonnen nom Oflaf vum Joer op Basis vun enger Ufro vum Patron oder vum Selbststännegen an enger Kéier gemaach ginn.

Demno besteet am Moment keng Méiglechkeet fir d'Remboursementer trimestriell oder monatlech unzefroen respektiv auszebezuelen.

2. Wäert den Inneminister dofir suergen, dass de Remboursement vum Congé politique esou organiséiert gëtt, dass de Remboursement trimesteriell oder monatlech kéint ugefrot ginn?

Fir souwuel de betraffene Patronen wéi och de selbststännegen Gemengeconseilleren an de Gemengeconseilleren ouni Beruff entgéintzekommen, soll am Kader vun den Amendementer um Gesetzesprojet 8052 d'Méiglechkeet fir eng semestriell Ufro vum Remboursement respektiv der Indemnisatioun vum Congé politique geschafe ginn. Dëse System ass dee beschtméiglече Kompromëss tëschent den Intérêten vun alle Persounen déi vum Congé politique concernéiert sin an dem administrativen Opwand deen d'Gestioun vum Congé politique mat sech brengt.

Lëtzebuerg, den 10. November 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN